Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

11.9.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Käerjeng :)

12 **Sep** *2017*

(comments: 0)

D'Gemeng Käerjeng geet mam gudde Beispill vir:
Mat der Lëtzebuerger Sprooch am ëffentleche Raum.

Souwuel bei der Beschëlderung wéi och bei de Stroossenimm (woubäi bei de Stroossenimm leider déi traditionnell gebräichlech Lëtzebuerger Nimm kursiv an kleng geschriwwe sinn)
Déi nei Stroossen hu lëtzebuergesch Nimm.

D'Internetsäit ass zu engem klengen Deel méisproocheg, villes feelt awer och nach.

Op kulturellem Plang mécht Käerjeng vill: Geschicht an Denkmalschutz kommen net ze kuerz.

Hei eis Ziler, déi dozou passen:

2. D'Lëtzebuerger Sprooch muss nees vill méi präsent sinn am Alldag.

2.1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäite vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen.

2.4. Datt een hei am Land liewen a schaffe kann mat Däitsch oder Englesch ouni zwéngend Franséisch mussen ze kënnen (All Formulairen vun den Administratiounen sollen och op Lëtzebuergesch oder Däitsch zur Verfügung gestallt ginn, déi wichtegst och op Englesch). Sou kéinten d'Auslänner sech éischter op déi lëtzebuerger Sprooch konzentréieren.

2.5. D'Lëtzebuerger Kultur (Konscht, Traditiounen, Geschicht, Patrimoine) muss gefërdert ginn.

All eis Ziler: http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Lëtzebuergesch ass als Integratiounssprooch wichteg an ass d'Sprooch vun eisem Land.
Mir fuerderen e gesetzlech festgeluechte Moossnamekatalog fir (a) den auslännesche Matbierger et besser ze erméiglechen an (b) si och ze motivéieren d'Sprooch ze léieren: Informatiounscampagnen, méi Sproochecoursen, eng méi héich Präsenz am Alldag, zum Beispill op Internetsäiten, Stroosseschëlter a Panneauen. Wéi soll een d'Sprooch léiere wann een net a Kontakt mat hir kënnt?

Och d'Auslänner géife sech wënschen datt méi op Lëtzebuergesch wier an datt eis Sproch e méi héije Stellewäert hätt.
Sou zum Beispill de Vusal Gafaorw:
http://www.journal.lu/article/luxemburgisch-sollte-im-alltag-praesenter-sein/

Read more … 11.9.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Käerjeng :)

31.8.2017 Kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien

31 **Aug** *2017*

(comments: 0)

Den 31. August 1942 koum et zu Lëtzebuerg zu engem Generalstreik vum ganze Vollek.

De Grond war d'Ukënnegung vum däitschen Nazibesatzer fir d'Zwangsrekrutéierung fir d'Lëtzebuerger an déi däitsch Wehrmacht anzeféieren.

Viséiert waren all d'Jongen zwëscht 18 an 22 Joer, also d'Joergäng 1920 bis 1924. (spéider och nach bis 1927).

D'Resistenz vun engem klenge Vollek géint den iwwermächtege Besatzer huet an der ganzer Welt Bewonnerung ervirgeruff.

Déi'Nazien ware blaméiert an si hunn mat aller Gewalt zereckgeschloen: 21 Lëtzebuerger goufen direkt erschoss, vill koumen a Konzentratiounslager.

Duerch de Generalstreik hunn d'"Preisen" sech net méi getraut fir och nach déi aner Joergäng anzeruffen. (Zum Verglach: Am Elsass sinn d'Joergäng vun 1907 bis 1927 ageruff ginn)

An der "Märtyrerstadt" Wolz, wou de Streik ugefaangen hat, erënnert nach haut dëst Monument un de Streik vun 1942.

Duerch d'Zwangsrekrutéierung sinn 2.848 Lëtzebuerger Jonge gestuerwen.

Read more … 31.8.2017 Kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien

21.8.2017 D'Äntwert vum Gesondheetsministère op d'Petitioun fir méi Lëtzebuergesch am Gesondheetswiesen ass SKANDALÉIS!

21 **Aug** *2017*

(comments: 0)

De Wee2050 huet d'Äntwert analyséiert:
- Et gi falsch Zuele benotzt!
- D'Situatioun gëtt falsch analyséiert!
- D'Gesetz gëtt falsch interpretéiert!
- Et gi falsch Konklusioune gezunn!

Hei déi ganz Analys vun der Äntwert, maacht iech selwer e Bild!!! --> Analys

D'Wuelbefanne vum lëtzebuergesche Patient gëtt ignoréiert.

Den 20. Juli 2017 huet de Gesondheetsministère eng Stellungnam zur Petitioun N°767 (Lëtzebuerger Sprooch am Gesondheetswiesen) erausginn.*

Et fält op dass des Stellungnam net wéi üblech vum Minister ënnerschriwwen ass.

Déi Äntwert, ënnerschriwwe vun der Dr Françoise Perthet an dem Anne Marx vum Gesondheetsministère, ass eng Blamage fir d'Ministesch Lydia Mutsch. De Patient gëtt ignoréiert.

D'Äntwert vum Ministère ass faktesch falsch!

Mir fuerderen d'Gesondheetsministesch Lydia Mutsch op, d'Äntwert vun hirem Ministère zeréck ze huelen an eng nei ze formuléieren.

d'Initiativ Wee2050 www.wee2050.lu
Mail: kontakt@wee2050.lu

(*) Déi ganz Äntwert:
http://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Petitions/RoleDesPetitions?action=doPetitionDetail&id=935

Eise Presscommuniqué vum 20.6.2017 zu de Sproochen am Spidolswiesen an am CHL:
http://wee2050.lu/index.php/press/articles/sproochen-am-spidolswiesen-chl-pressecommunique.html?file=files/Site/2017/Pressecommunique-Wee2050-2.6.2017-Sproochen-CHL.pdf

Read more … 21.8.2017 D'Äntwert vum Gesondheetsministère op d'Petitioun fir méi Lëtzebuergesch am Gesondheetswiesen ass SKANDALÉIS!

15.8.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Walfer :)

17 **Aug** *2017*

(comments: 0)

D'Gemeng Walfer geet mam Beispill fir: :) :) :)

Mat enger méisproocheger Internetsäit.

Bal all déi aner Gemengen hunn eesproocheg Säiten.

Nach besser wier och nach eng lëtzebuergesch Versioun oder op mannst mol eng (an enger éischter Phas) systematesch Begréissung op Lëtzebuergesch wou een dann d'Sprooch wielen kann, sou wei bei der ADEM: adem.lu

Komescherweis nennen si sech awer "commune de Walferdange", ...sou seet dach keen!

An leider sinn praktesch all d'Stroossenimm an soss Bezeechnungen net op Lëtzebuergesch.

Eis Ziler, déi dozou passen:

2. D'Lëtzebuerger Sprooch muss nees vill méi präsent sinn am Alldag.

2.1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäiten vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen.

2.4. Datt een hei am Land liewen a schaffen kann mat Däitsch oder Englesch ouni zwéngend Franséisch mussen ze kënnen (All Formulairen vun den Administratiounen sollen och op Lëtzebuergesch oder Däitsch zur Verfügung gestallt ginn, déi wichtegst och op Englesch). Sou kéinten d'Auslänner sech éischter op déi Lëtzebuerger Sprooch konzentréieren.

2.5. D'Lëtzebuerger Kultur (Konscht, Traditiounen, Geschicht, Patrimoine) muss gefërdert ginn.

All eis Ziler: http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Lëtzebuergesch ass wichteg als Integratiounssprooch an et ass d'Sprooch vun eisem Land.

Mir fuerderen e gesetzlech festgeluechte Moossnamekatalog fir (a) den auslänneschen Matbierger et

besser ze erméiglechen an (b) si och ze motivéieren d'Sprooch ze léieren: Informatiounscampagnen, méi Sproochecoursen, eng méi héich Präsenz am Alldag, zum Beispill op Internetsäiten, Stroosseschëlter a Panneauen. Wéi soll een d'Sprooch léieren wann een net a Kontakt kënnt mat hir?

Och d'Auslänner géifen sech wënschen wann méi op Lëtzebuergesch wier an wann eis Sproch en méi héijen Stellewäert hätt.

Sou den Vusal Gafaorw zum Beispill:

http://www.journal.lu/article/luxemburgisch-sollte-im-alltag-praesenter-sein/

Read more … 15.8.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Walfer :)

3.8.2017 De Fred Keup am Wort an um RTL

14 **Aug** *2017*

(comments: 0)

Am Wort vum Donneschden, 3. August 2017:

https://www.wort.lu/de/politik/wee-2050-nee-2015-neinsager-in-lauerstellung-5981d229a5e74263e13c51b9

Am Journal vun RTL Télé Lëtzebuerg war de Fred Keup vun der Beweegung "Wee 2050, Nee 2015" Invité um Plateau:

http://www.rtl.lu/letzebuerg/1064696.html

Hei sinn d'Ziler vum Wee2050:

http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 3.8.2017 De Fred Keup am Wort an um RTL